

de Schoulen op déi verschidden Diversitéiten enger-säits vun de Kanner oder vu jonke Mënschen, déi relativ fréi ufänken ... deenen och ze erklären, datt dat ganz an der Rei ass, datt se keng Schwierigkeeten domadder müssen hunn, au contraire ... fir se ze ënnerstëtzen, fir datt se an hirem erwuesene Liewen eens ginn an net duerno gréisser Schwierigkeete kënne hunn, voire tragesch Schwierigkeete kënne hunn, wann een dat justement ënnerdréckt. Dofir müssen se vun der ëffentlecher Schoul och ënnerstëtzt ginn, enger-säits, respektiv, et muss een awer och konkreet schwätzen, fir ze wëssen, wourëms et geet, fir datt och Kanner relativ fréi erkenne kënne, wann erwuesene Mënschen sech net korrekt hinne vis-à-vis behuelen – wat d’Kanner net direkt ëmmer erkenne kënne, zum Beispill – an datt dat och an eng ganz geféierlech Richtung ka goen. Mir wëssen dat alles.

Den OKaju seet: „D’Kanner muss ee protégéieren an d’Schoul muss déi Aarbecht maachen.“ An déi Petitioun, wann dat a Realitéit géif ëmgesat ginn, da wiere Kanner net méi protégéiert a si wieren a Gefor. Ganz einfach. Deen Här, deen déi Petitioun gemaach huet, dee selwer seet, e wier net homophob etc, ... bon, ok, do kënne mer soen, „jo, mee ...“, mee et liest ee ganz genau – ech weess net, wat a sengem Kapp virgeet –, et wier eng Gefor fir Kanner, wann déi Petitioun géif ëmgesat ginn. An dat muss d’ADR eeben ... Bon, d’ADR verteidegt eng exklusiv Liewensform a wëilt a Wierklechkeet, datt just déi Liewensform géif ugesi ginn. Mee bon, dat entsprécht net der Realitéit, der gesellschaftlecher Realitéit oder der wëssenschaftlecher Realitéit.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. D’Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Op der Dagesuerdnung steet, dass mer iwwert d’Resolutioun vun de Konte vum CET sollen ofstëmmen. Elo si mer an enger Diskussioun hei an ech mengen, dass d’ADR net esou onschëlleg ass, wéi se hei probéiert, sech elo duerstellen. Dir wësst ganz genau, wann Dir mat esou enger Ausso kommt, dass Der Reaktioun kritt. An et ass och gutt, dass Der Reaktioun kritt, well dat hei ass ee Moment, wou Der erëm probéiert, Är mënscheveruechtend, antisozial, ...

(Brouhaha)

... onempathesch, reaktionär an zum Deel och Är riets Gedanken hei kënne ze propagéieren.

(Interruption par M. Fred Keup)

Här Keup ... Här Keup, bei eis leien net, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift, Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | ... bei eis leien net d’Nerve blank. Dat, wat Der vun Iech gitt, si mer mëttlerweil gewinnt. Mee Dir musst och drop oppassen, wann Der dat do sot, dass Der och Reaktioun kritt, a mir wäerten an Zukunft ëmmer manner nach de Mond halen a mir wäerten eis alleguerete wieren. An hei sinn alleguereten déi aner Parteien, déi zesummenstinn an Iech soen, dass Der mat Ären Iddie falsch leit an datt alles, wat Der hei propagéiert, ...

M. Tom Weidig (ADR) | 10.000 ...

Mme Liz Braz (LSAP) | Dat ass guer näischt!

Mme Taina Bofferding (LSAP) | ... net fir den Zesammenhalt, mee éischer nach fir d’Trennung ass. Et ass rëm den üblechen Discours, deen Der féiert: Si a mir, an déi eng géint déi aner. Dat ass jo Äre Fonds de commerce. Et geet just drëm, nëmmen Angscht

ze maachen a falsch Iddien a falsch Informatiounen ze propagéieren, fir Äert riets Gedankegutt kënne domadder ënnert d’Leit ze bréngen. Dat ass den eenzege Fonds de commerce, deen Der hutt. An ech mengen, hei kritt Der ganz kloer d’Rout d’Kaart vun eis alleguerete gewisen, dass mer dat do net nach weider wäerten dulden.

Une voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | D’Resultat sinn 10.000 ...

M. Sven Clement (Piraten) | Giel-rout ...

M. Claude Wiseler, Président | D’Madamm Morgenthaler an duerno den Här Di Bartolomeo. Madamm Morgenthaler.

Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Ech wollt mech ganz kloer all menge Virriedner a Virriednerinnen uschlëssen, ausser natierlech deene Saachen, déi dohannen aus dem Eck kommen. Ech kann absolut net mat deem Argument liewen, dass déi zwee Organer CET an OKaju keng Politick dierfte maachen. Si maachen nëmmen hiren Job, well dat ass genee dat, wat hir Roll ass. Liest no, wat an hirem Gesetz steet: Si sollen d’Kannerrechter, d’Mënscherechter, d’Minoritéite verteidegen, an dat ass absolut kee Mandatsmëssbrauch, wéi dohannen an deem Eck do gesot ginn ass.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Merci. Merci, Här President. Mir sinn hei am Haus vun der Demokratie. Dat steet fir Meenungsfräiheet. Wa mer an engem Foussballstadion wäeren, da géifen déi Leit zu menger Rietser mat hirer Meenung, déi se elo geäussert hunn, näischt Aneres gewise kréie wéi déi Rout Kaart weinst graffem Foul.

(M. Mars Di Bartolomeo montre un carton rouge.)

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Elo gesinn ech keng weider Wuertmeldungen. Da géife mer erëm zrëckkommen zu dem Sujet, an zwar d’Konten vum Ombudsman. An ech schlëssen d’Diskussioun also iwwert déi Resolutioun, déi den Här Fayot hei deposéiert huet, of.

Esou wéi eist Reglement et virgesäit, stëmme mir elo iwwert d’Resolutioun of, déi d’Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

(Interruption par M. Sven Clement)

Pardon?

M. Sven Clement (Piraten) | Ech froen e Vote électronique vun där Resolutioun.

M. Claude Wiseler, Président | Da maache mir e Vote électronique vun där Resolutioun, wann dee gefrot ass. Da musse mer elo just kucken, datt eis Regie ... Déi ass direkt prett, fir dat ze maachen.

Vote sur la résolution

De Vote électronique gëtt also elo opgemaach. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D’Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dann ass dës Resolutioun also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies,

Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

(Brouhaha)

Esou wéi d’Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher weidergereecht.

9. 8396 – Projet de loi portant modification de la loi du 22 décembre 2023 relative à l’imposition minimale effective pour les groupes d’entreprises multinationales et les groupes nationaux de grande envergure

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, de Projet de loi 8396, eng Ofännerung vum „Gesetz Pilier Deux“, dat fir e minimale Steierniveau vu 15 % soll suerge fir all multinational Firma, déi en Émsaz vun iwwer 750 Milliounen mécht. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur huet 10 Minutten, all Fraktioun a Sensibilitéit 5 Minutten, d’Regierung 10 Minutten. Ageschriwwen si schonn: den Här Laurent Mosar, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d’Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech versiche grad, Iech dësse Projet och esou schnell ze presentéiere wéi anerer. Mir hu virun engem Joer e Gesetz gestëmmt, dat den Accord op OECD-Niveau an déi entsprecheend EU-Direktiv zur Mindestbesteuerung vu grousser Betriber an eist nationaalt Recht ëmgesat huet. Dës Gesetz, dat och de „Pilier Deux“ genannt gëtt, gesäit deemno vir, datt Betriber mat engem Émsaz vun iwwer 750 Milliounen Euro mat engem Mindeststeuersaz vu 15 % ze besteiere sinn.

Wéi mir d’Gesetz Enn 2023 – also virun engem Joer – gestëmmt hunn, war gewosst, datt d’Aarbechten zum Thema Mindestbesteuerung op OECD-Niveau nach net ofgeschloss wäeren an datt nach géifen technesch Upassungen kommen. Mir haten eis dofir d’Wuert ginn, dës Upassungen esou schnell wéi méiglech an d’Gesetz aflëssen ze loosse a mir maachen dat elo mat deemem Gesetzeprojet. Mir setzen nämlech d’Modifikatiounen, d’Präzisatiounen an och d’Klarifikatiounen ëm, déi mir 2023 an och 2024 nach vun der OECD kruten. Déi lescht Instruktiounen vun der OECD koumen am August 2024

eran an déi ginn och an dësem Gesetzesprojet iwwerholl.

Mat dësem Projet de loi maache mir eng Upassung vun der Berechnung fir Steieren, déi ee Grupp muss bezuelen, wann e sech an der Ufanksphas vu sengen Aktivitéiten zu Lëtzebuerg befënnt. Ausserdem preziséiere mir mat dësem Gesetzesprojet och d'Modalitéiten, wéi grouss Entrepreneuren hei am Land hir Steuererklärung maachen, fir souwuel der OECD-Mindestbesteuerung wéi och dem nationale Steuerrecht Rechnung ze droen.

Här President, komme mir zu den Avisen. De Staatsrot hat a sengem Avis keng Opposition formelle, huet awer eng Rei Verbesserungsvorschläg gemaach. Och a sengem Avis complémentaire gouf et keng Opposition formelle. D'Chambre des Salariés gesäit d'Upassungen, déi mer virhuelen, kritesch a fäert, dass d'Betriber doduerch manner wéi 15 % Mindestbesteuerung kéinte bezuelen. Doriwwer eraus begréisst si awer, datt et Reegele gëtt zur Mindestbesteuerung vu grousser Betriber op internationalem Niveau.

Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Zur Prozedur wier follgendes ze soen: De Gesetzesprojet ass den 12. Juni 2024 deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 8. Oktober ginn. Den Avis vun der Chambre des Salariés koum den 23. Oktober. An den 31. Oktober huet d'Regierung eng Rei Amendementer deposéiert. Ech gouf an der Sitzung vun der Finanzkommissioun vum 15. November zum Rapporteur ernannt, a während dëser Reunioun gouf och de Projet virgestallt an d'Avis goufen diskutéiert. Dës Diskussioun sinn an der Finanzkommissioun vum 22. November weidergaangen. De Staatsrot huet säin Avis complémentaire den 10. Dezember eraginn. Den 13. Dezember gouf dësen analyséiert, an dëse Gesetzesprojet gouf an der Finanzkommissioun à l'unanimité ugehall.

Här President, domadder schléissen ech mäin Exposé als Rapporteur.

Discussion générale

Ech dinn da ganz schnell nach déi Kap als Spriecher vu menger Fraktioun un. D'CSV-Fraktioun begréisst, datt mir elo säit engem gudden Joer eng Mindestbesteuerung fir grouss Betriber um internationalen Niveau hunn. Dëst schafft e sougenannt Level-Playingfield an domat kloer Reegelen, déi och vun all eise Länner mussen agehale ginn. Mir begrëssen och, datt sämtlech Upassung säitens der OECD, och wa se technesch sinn, per Gesetz iwwerholl gi sinn. Dëst schafft Rechtssécherheet, déi besonnesch a Steierfroen extrem wichteg ass.

Ech wëll dann awer och nach betounen, datt mer mat eiser Betriebsbesteuerung, mat eisem Taux nominal, do nach dältlech iwwert der OECD-Moyenne leien, well – an dat ass och gëschter an den Diskussiounen zum Budget ausgefuert ginn – et si jo net nëmmen déi 16 %, déi elo um 1. Januar wäerten ufalen, mee do kënn och nach d'Betriebsbesteuerung an den Impôt sur la solidarité derbäi, soudatt mer do um 1. Januar – wann ech elo emol d'Stad Lëtzebuerg huelen, déi ech e bësse besser kennen – op e gesamte Prozentsaz vun 23,60 wäerte kommen.

Mir begrëssen duerfir och nach eng Kéier, datt d'Regierung mam Entlaaschtungspak den Taux nominal ëm 1 % erofgesat huet, well dat schafft Entlaaschtung fir d'Betriber an et ass och e staarkt Zeeche fir d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft.

An domadder ginn ech och den Accord vun eiser CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Mosar, och fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Patrick Goldschmidt.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Ech ka mech hei nëmmen deene Wieder uschlësse vu mengem Virriedner an och Rapporteur. Dat Eenzegt, wat ech ka soen: Ech felicitéieren der Regierung, dass se déi Ännerungen oder déi Amendementer oder déi Propositionen, déi gemaach gi sinn um OECD-Niveau, ganz schnell an d'nationale Gesetz eriwuerhuelen. Domadder gehéiere mer zu deenen éischte Länner, déi fir déi Klarifikatiounen suergen, an dat ass och extrem wichteg fir d'Betriber. An deene Gesetzesännerungen, déi mer hei virhuelen, geet et haaptsächlech, wéi de Rapporteur scho gesot huet, ëm déi Klarifikatiounen, ëm technesch Detaill. An dofir kann ech heimadder nëmmen den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Dann ass et um Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, ech soen direkt, dass mer dëse Projet de loi zum „Pilier Deux“ wäerte matstëmmen. Dat ass e wichteg Projekt. Dat ass bestëmmt och net dee leschte Projet de loi, dee mer kréien zum „Pilier Deux“, well mir wëssen, dass mer déi nei Reegelen, déi do kommen, au fur et à mesure allkéiers och am Gesetz mussen upassen. Ech géif awer allerdéngs gäre ganz kuerz dräi Punkten opwerfen zum „Pilier Deux“.

Den éischte Punkt ass, dass Der jo hei am Fong – an d'Chambre des Salariés huet dat och gesot – op e Recht renoncéiert, wat mer hunn, fir an de fënnef éischte Jore Betriber ze taxéieren, wa se net den Taux vu 15 % errechen. Dat ass déi sougenannte „qualified domestic minimum top-up tax“, dat heescht, dat éischt Recht vun de Länner, fir u sech den Delta anzedriewen, wann e Betrib ënner 15 % ass. Dat ass normalerweis eppes, wat d'EU-Direktiv bei neien Entrepreneuren an de fënnef éischte Jore just bei deenen zwee Instrumenter, déi et eis erlaben, am Ausland Steiere sichen ze goen, virgesäit: nämlech den IIR (ndlr: Income Inclusion Rule) an den UTPR (ndlr: Undertaxed Payment Rule). Dat heescht awer dann, dass méiglecherweis Net-EU-Länner déi Steiere kënnen erhiewen. Net d'USA, well déi hunn dorobber renoncéiert, mee awer méiglecherweis aner Länner. Déi Betriber bezuelen zwar dann hei zu Lëtzebuerg manner Steieren, dofir awer da méi an engem anere Land. An dat si Steiersuen, déi eis dann dee Moment duerch d'Lappe ginn a wou ee sech e bësse freet, firwat mer dat maachen, well dat dréit net direkt zu eiser Attraktivitéit bāi, vu dass déi Steier neutraliséiert gëtt, dat heescht, anerwäerts agedriwwe gëtt, wat mer u sech net direkt verstinn.

An dofir ass d'Fro, Här Minister: Firwat maacht Der dat? A virun allem: Wien ass hei viséiert, fir bei där Derogatioun vun der Capacitéit ze besteieren?

Zweete Punkt, Här President: Dir wësst, dass mer hei eng Diskussioun hunn iwwert d'Recetten, déi generéiert ginn duerch déi GloBE Rules vum „Pilier Deux“. Dat ass gëschter schonn ugeschwat ginn, dee Montant, deen do concernéiert ass. Den Artikel, deen an der CGFP-Zeitung publiéiert gouf, ass evoquéiert ginn. Dir hutt och dorobber reagéiert, Här Minister, an Dir hutt dat am Fong irrealistesche genannt als

Montant, déi sechs Milliarden, déi do genannt ginn. Et bleift awer trotzdem, an och d'Zentralbank huet dat an hirem Avis gesot, dass mer eis e bësse wonnen, dass do guer keng Zenarien do sinn an och absolut keng Previsiounen. Well wann déi Steier effektiv och zu Lëtzebuerg positiv Repercussiounen huet – a mir schwätzen hei weltwäit, de leschte Previsiounen no, vun 270 Milliarden Dollar oder Euro Einnahme pro Joer, déi duerch de „Pilier Deux“ kommen –, dann ass d'Fro an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat vill Headquartieren huet, wat den Impact budgétaire dovunner ass. Dee kann effektiv signifikativ sinn. Ech weess, dass Der fir de Moment nach net all d'Donnéen hutt. D'Länner sinn amgaangen, déi Reegele vum „Pilier Deux“ ëmsetze bei sech. Mee trotzdem wär et awer wichteg, do verschidden Unhaltspunkten ze hunn, well, wéi gesot, dat kann e Gamechanger sinn, wann do signifikativ Recetten derbäi erakommen.

An en drëtten Punkt – an ech mengen, dat ass och wierklech de sprangende Punkt fir eis –, dat ass: Wéi eng Steueravantages, déi mer aféieren, fir eis Kompetitivitéit ze verbesseren, riskéieren duerch de „Pilier Deux“, u sech neutraliséiert ze ginn? Dat ass den „nerf de la guerre“. Wann Der Crédit-d'impôt on aféiert, Bonifikatiounen, verschidde Steuerexemptionen – ech denken un d'IP-Box, déi modifiéiert IP-Box –, riskéieren déi, op enger anerer Plaz vun de Betriber mussen zréckbezelt ze ginn.

An d'Fro ass, Här Minister, hutt Der déi Analys gemaach mat Äre Leit? Well wann dat de Fall ass, da kann dat d'Betriber deier ginn an och eis Attraktivitéit eppes kaschten, wann aner Länner déi Crédit-d'impôt do neutraliséieren oder u sech andriewen iwwert de „Pilier Deux“. Dat ass eng zentral Fro, an domadder hānt natierlech och, dans une certaine mesure, déi Fro vun de Recetten zesummen.

Mee wéi gesot, mir wäerten trotzdem dëse Projet matstëmmen. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. An dann ass d'Wuert fir den Här Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech kann et och kuerz maachen: Mir wäerten dëse Projet matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Maudamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Also, de Prinzip vun där Minimalbesteuerung ass e ganz wichteg Prinzip. Dofir ware mer och ganz frou, dass mer dat d'lescht Joer nach konnten ëmsetzen. Dat hei sinn, wéi gesot, technesch Adaptatiounen – de Franz Fayot ass schonn drop agaan –, wou een och vlāicht hātt kënnen aner Weeër goen. Mir haten an der Kommissioun doriwwer diskutéiert, a kruten Äntwerten op déi Froen, déi eis elo mol à ce stade zefridde gestallt hunn.

Ech wollt just nach eng Kéier op den Niveau vun de Recetten agoen. Ech hat dat jo och scho gëschter gemaach. Ech wollt awer wëssen, ab wéini dass Der schätzt, dass Der e bëssen eng Vue kritt, wou et higeet? Well effektiv, an der Kommissioun sinn d'Meenungen extrem auserneegaange vun deenen eenzelen Experten, déi mer gehéiert hunn. Déi eng hunn eis gesot, dass mer sécherlech misste méi Recetten doduerch erakriegen, dat wär an der Natur vun der Saach.

Anerer hunn eis gesot, dass et – vu d'Situatioun an den USA mam President Trump a mat sengem Positionnement par rapport zu engem Text wéi deem heiten – kéint sinn, dass mer géifen un Attraktivitéit verléieren als Europa, dass also Entreprisé géifen an d'USA goe wéinst där doter Steuer.

Duerfir ass meng Fro: Hutt Der elo méttlerweil schonn e bëssen eng Vue, wou et kann higoen? A kréie mer awer och ganz ventiléiert eng Duerstellung gemaach, wa mer bis op deem Punkt sinn, wou Der dat kënn maachen, iwwert déi Recetten, déi iwwert deen heite Wee erakommen an déi, déi iwwert déi normal Betrëbsbesteuerung erakommen?

Mee ech ginn den Accord vun deene Gréngen zu dem Text. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, dat heiten ass eng Kéier e Projet, wou mer weisen, wéi reaktiv mer kënnen sinn, wann et eis drëm geet, e Gesetz séier unzepassen u verännert international Gegebenheiten. An de Rapportier huet dat jo och am Ufank scho gesot: Mir sinn hei an enger Situatioun, wou mer, wéi mer d'Gesetz gestëmmt hunn, scho wossten, dass mer nach eng Kéier missten zesummekommen, fir driwwer ze schwätzen. Dat maache mer. Dofir fënnt dat heiten och eisen Accord.

Ech hunn awer eng änlech Fro wéi d'Madamm Tanson, nämlech – an dat hu mer gëschter am Debat gesot, dat gouf awer och déi lescht Wochen ëmmer erëm an der Kommissioun thematiséiert –, dass mer u sech net wierklech wëssen, wat den Impakt vun där Mindestbesteuerung fir eise Staatsbudget ass. An dat ass awer e bësse geféierlech, wann et eppes ass, wou et potenziell ëm ganz vill méi geet.

Ech erënnere mech, dass an de Virwalkampfzäiten, also, wéi den Här Roth nach hei op dëser Säit vun der Bänk souz, reegelméisseg dervunner geschwat gouf, dass déi Mindestbesteuerung potenziell de Lëtzebuurger Staatsbudget kéint Milliounen, wann net Honnerte vu Milliounen kaschten. An ech ka mech ganz gutt un Interventiounen souwuel vum Kollege Mosar wéi vum Kollege Roth erënnere, wéi se dat hei op der Tribün thematiséiert hunn.

Elo, als Ministerrot, kréie mer gesot: Mir wëssen net, wat et bréngt. A vläicht, hoffen ech, wësse mer dann an zwee Joer: Majo, dat huet eis Honnerte vu Milliounen bruecht! Wat aner Leit aus der Opposition deemools scho gesot hunn. À voir, wou mer da landen. Mee hutt Der méttlerweil vläicht e bësse méi Kloecheet an deem Niwwel, op deem dat heiten awer funktionéiert?

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. An dann ass kee Riedner méi ageschriwwen.

Dann huet de Finanzminister d'Wuert. Här Finanzminister. 10 Minutten, wann Dir wëllt. Dat muss awer net sinn.

(Hilarité)

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Nee, nee, nee. Ech si frou, dass Der sot: „Dat muss awer net sinn.“ Mee ech sinn awer och frou, ze héieren an der Chamber, dass dat hei e wichtegt Gesetz ass. An ech si frou, dass mer eng breet Zoustëmmung kréien. Dat hei ass effektiv en „nerf de guerre“, och fir d'Zukunft vun der Finanzplaz an d'Kompetitivitéit vun eise Betriber hei zu Lëtzebuerg.

An ech fänken u mam Patrick Goldschmidt, deen eigentlech déi Saach ënnerstrach huet. D'Ausrichtung vun der Politik, iwwerens och iwwert déi leschte Joren zu Lëtzebuerg, war déi, dass mer, wa mer wichteg europäesch Direktiven hunn, kucken, déi, wéi mer dat esou fei soen, als First Mover, dat heescht, meeschtens als Éischt, ëmzesetzen.

Firwat? Fir dass d'Wirtschaft dobaussen e Rechtskader huet, wou se weess, dass se sech muss drun halen. Hei ass et natierlech nach vill méi komplex, well déi Reegelen eigentlech ausgi vun der OECD, vu Paräis, fir dass, wéi dat vun dem Rapportier ugedeit gouf, nämlech déi grouss Wirtschaftsnatiounen sech un déi selwecht Reegelen mussen halen.

D'Europäesch Unioun ass dunn higaangen a si huet eng Direktiv doraus gemaach an déi hu mer ganz am Ufank vun dëser neier Legislatur, nämlech am Dezember virun engem Joer, och hei an der Chamber mat enger grousser Majoritéit, wëll ech soen, gestëmmt.

Déi Froen, déi prezis Froen, déi den Här Fayot mentionéiert huet, sinn eigentlech och ganz pertinent: Firwat gi mer Entreprises, déi nei an dee Beräich do kommen, transitoresch déi Exemptioun am Sënn vu Kompetitivitéit?

Déi zweet Fro, déi Der gestallt hutt – dat ass och eng ganz pertinent Fro, wou mir ofschléissend och nach net déi richteg Äntwerte voll ëmfänglech drop hunn –, dat ass déi: Wéi ass d'Zesummespill mat zum Beispill de Bonification-d'investissements, déi mer agefouert hunn, vun der Chamber? Abee, do hânt et dervun of, wéi aner Länner dat ugin, zum Beispill d'Belsch, zum Beispill Irland, nämlech, ob ech déi Bonifications-d'investissement zum Deel remboursabel maachen oder net, wat natierlech dann en Impakt op dat Ganz huet.

Déi drëtt Fro – ech mengen, dat ass déi, déi politesch am pertinentsten ass, déi ass jo vu Verschiddenen opbruecht ginn – ass déi: Wat bréngt dat do dem Land, méi oder manner Recetten? D'Madamm Tanson ass drop agaangen an huet gefrot: „Wat mécht Amerika? Wéi geet déi nei Trump-Administratioun mat där Minimalbesteuerung vu multinationale Gruppen ëm? Wat fir eng Repercussiounen huet dat net nëmmen op Lëtzebuerg, mee op vill aner Memberstaaten?“

Dat weess ech net. Ech weess just, dass am Virfeld vun den amerikaneschen Wälen, an ech hu mech domadder befaasst, de Walprogramm vum President-elect Trump relativ aggressiv op deem Punkt hei war. En huet net nëmme gesot: „Mir féieren dat net an!“, mee och: „Mir kucken och nach, wat mer maache géien iwwer vun deene Länner, déi déi Minimalbesteuerung do hunn!“

Ech weess net, wat definitiv an dem Regierungsprogramm vun där neier US-Administratioun wäert drastoen. Mee sécherlech wäert dat en net onerheeblichen Impakt hunn, esou oder esou, op d'Applikatioun vun der Minimalsteuer, virun allem och an der Europäescher Unioun. An dat ass e Sujet, dee gouf e Méindeg virun aacht Deeg och besonnesch um Niveau vun de Finanzministere aus der Europagrupp ugeschwat. Wou vläicht och Einzelner soen, ob een déi Positioun, déi d'Europäesch Unioun à ce stade huet, net gegebenefalls am Sënn eebe vun engem, wéi den Här Mosar gesot huet, Level-Playingfield, dat heescht, engem gemeinsame Kader fir Reegelen, misst upassen, ob een net misst déi Direktiv eventuell spéider ajustéieren. Dat ass Stand haut dat, wat dozou ze soen ass.

Deen zweete Punkt hânt natierlech och dervun of, wat déi verschidde Gruppéierung maachen, dat heescht, déi verschidde multinationale Entreprene. Well Dir wësst, och déi hu Steuerberoder an och déi kënnen Benefisser innerhalb vun de Gruppen hin- an hierschiben. Duerfir hânt natierlech och vill dervun of, wéi d'Strukture vun deenen eenzelne Gruppe sinn.

An alles dat sinn déi Inconnuen, wou ech gëschter versicht hunn ze soen, dass ech Iech Stand haut net ka soen, wat de reelle finanziellen Impakt op eis Staatsrecettë wäert sinn. Ech kann Iech dat net soen!

Ech engagéiere mech awer vis-à-vis vun der Chamber, ech engagéiere mech ganz kloer, well do spillt jo och en Deel, bon, net en Deel, do spillt d'Steiergeheimnis. De Finanzminister kritt all Mount einfach d'Recettë geliwwert, déi mer um Niveau vun der Kierperschaftssteuer erakréien. Mee mir kréien net gesot: „Déi doten Entreprise, déi huet elo esou vill, an déi doten Entreprise huet elo esou vill.“ Ech hunn awer kee Problem dermat, och am Sënn vun engem bessere Verständnis, dass de Steierdirekter an eng Finanzkommissioun kënn, gegebenefalls à huis clos. Hien huet jo selwer, Dir wësst et, Dir kennt d'Steiergesetz, och e Steuergeheimnis. Mee e kann awer vläicht méi Detailler ginn iwwert d'Auswierkunge vun der „Pilier Deux“-Gesetzgebung an deenen nächste Méint, um Enn vum nächste Joer.

Well mir musse jo wëssen, dass dëst Joer, 2024, dat éischt Joer ass, wou déi Gesetzgebung als Steuerjoer applizéiert gëtt. Dat heescht jo net, dass déi Steuererklärung vun 2024 gemaach gëtt. Ech huelen dat Engagement, dass d'Chamber hei, am Kontext vum Steuergeheimnis, dat sech och op de Steierdirekter applizéiert, méi eng breet Informatioun kritt, fir dass se och ka weider eventuell Adaptatiounen maachen – well ech mengen, dass mer haut mat deem Gesetz net derduerch sinn –, dass se an deem Punkt wäert informéiert ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Do gesinn ech elo nach zwou Froen, déi wëlle gestallt ginn. Huet Der d'Froen un, Här Minister? Den Här Fayot an d'Madamm Tanson.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, bon, dat gehéiert zum demokrateschen Prozess.

M. Claude Wiseler, Président | Dir sot et. Den Här Fayot an d'Madamm Tanson.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Och merci dem Minister fir seng Prise de position. Här Minister, Dir hutt erkläert, dass Der dat elo maacht mat där Exemptioun fir déi fënnef éischt Joer bei där QDMTT – „qualified domestic minimum top-up-tax“ – aus Kompetitivitéitsgrënn. Bon, dat ass ok, ech mengen, dat ass de bonne guerre.

D'Fro ass awer déi: Fäert Der net, dass dann, wa mer déi hei exoneréiere vun där Tax, se anerwäerts age-driwwen gëtt, an dass mer dann dee Moment u sech net vill fir eis Kompetitivitéit gemaach hunn an u sech deem Betrieb och net onbedéngt gehollet hunn? Well den Dispositiv vun deem „Pilier Deux“ ass jo ..., do ass d'Iddi, dass e soll relativ waasserdicht sinn. Dat heescht, dass, wann een op enger Plaz esou eng Exemptioun kritt, se op enger anerer Plaz dee Moment dann do recuperéiert gëtt.

Ass dat net eng Crainte, déi Der hutt, wann Der dat maacht?

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Et gëtt ëmmer Craintë fir alles. Dat hei ass de politesche Choix, deen d'Regierung op deem Punkt getraff huet. Wa mer kucken, Betriber nei op Lëtzebuerg ze kréien, da mussen mer op alle Pläng kucken, en Ëmfeld ze schafen, souwuel en administratiivt wéi och e fiskalesch Ëmfeld an anerer, fir dat esou attraktiv ze hale wéi méiglech.

Ech ginn och perséinlech dervun aus ... Wa mer nei Betriber hunn, déi bezuele jo net nëmmen d'Kierperschaftssteuer. Et sinn och Leit, déi domadder verbonne ginn, et gëtt d'Lounsteuer, et gëtt d'TVA, et sinn aner Steieren, déi wäerten ufalen.

Dat ass déi Approche, déi d'Regierung an deem Fall geholl huet. An dozou sti mer och.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Tanson.

(Interruption)

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci fir d'éischt emol fir déi Ouverture, déi Der gemaach hutt. Ech denken, et ass extreem wichteg, dass mer alleguer wëssen, wat den Impakt heivunner ass, an dass dat sech net duerno verléiert an der Betriebsbesteuerung en tant que telle, dass mer och kënnen doriwwer eng politesch Diskussioun féieren.

Meng Fro wär: Dir hat elo vum Ministerrot geschwat, an ech wollt wëssen, wat dann Är Positioun war, déi Dir do vertrueden hutt, wéi Lëtzebuerg sech géif positionéieren par rapport zu enger Adaptatioun oder net vun der Minimalbesteuerung.

(*Interruption*)

A, et deet mer leed, da muss hei vläicht eppes un de Mikroe geännert ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Mir hunn e Problem mat de Mikroen, wann Der do stitt a méi wäit ewech sidd. Dat heescht, effektiv déi Leit, déi do stinn, net nëmmen Dir, Madamm Tanson, mee alleguer: Wa se méi haart schwätzen, wa se do stinn, ass et besser, soss muss ee bei d'Riederpult, quitte datt dat elo besat ass an datt dat schwéier ass an dësem Fall.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Oder mir änneren eppes un eiser Sonorisatioun hei, ...

M. Claude Wiseler, Président | Jo, mir hunn dat scho probéiert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | ... well déi eng hu méi haart Stëmmen, well se vläicht an enger Gewerkschaft scho mol waren, ...

(*Hilarité générale*)

... déi aner hu manner haart Stëmmen.

(*Interruption*)

M. Claude Wiseler, Président | Ech mengen, dat hänkt net just un der Gewerkschaft. Sou, wann echgelift, Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Also, Madamm Tanson, ech ginn dervun aus, dass dat Iech net staark verwonnert: Mir sinn e klengt Land; mir sinn och ee Grënnungsmitglied vum der Europäescher Unioun. Et ass kloer, dass net nëmmen dës Regierung, mee och déi virdrun ëmmer dozou stoungen, de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ze verteidegen. An dat op alle Pläng. An dat och an den Enceinten zu Bréissel.

Mir stinn, an dat soen ech och haart an däitlech, net nëmmen am Eurogrupp zu Bréissel, mir stinn zu de Recommendationen, déi an dem Draghi- an an dem Letta-Rapport sinn, dass d'Europäescher Unioun méi kompetitiv gëtt a virun allem, fir dass se drop hält, dass dee Réckstand, dee mer de Moment hunn an der Kompetitivitéit an an der Innovatioun, par rapport zu den US an och par rapport zu anere Regiounen an der Welt, net méi grouss gëtt.

An duerfir hale mer och drop, dass mer zum Beispill Vehikelen, déi mer schonn zu Lëtzebuerg hunn, zum Beispill eng Titrisatiounslegislatioun, déi zënter 2004 do ass, esou flexibel halen, och zu Lëtzebuerg – och zu Lëtzebuerg! –, fir dass déi nei Erausforderunge kënnen kommen.

(*Interruption par Mme Sam Tanson*)

An d'Äntwert op Är Fro ass ganz einfach déi: Jo, wat mer wëllen als Lëtzebuerg – an dat steet am Regierungsprogramm –, ass, dass mer d'europäesch Legislatioun eent zu eent, ouni Goldplating, dat heescht, ouni zousätzlech administrativ Hürden, ëmsetzen ...

Rëselt net ëmmer de Kapp, well ech ginn Iech d'Äntwert!

... an dass mer virun allem e Level-Playingfield hunn, dat heescht, dass mer eng Rumm halen, wou d'Kompetenz- an d'Konkurrenzregelen déi selwecht si fir déi Memberstaaten allegueren op dem OECD-Niveau.

An dat heescht am Kloertext: Wann aner d'Reegele wëllen upassen, da wäerte mir eis am Kontext vun der Europäescher Unioun net do dergéint stäipen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Dir kënnt, Madamm Tanson, nach eng Kéier – nach eng Kéier! –, an dann ass et fäerdeg mat der Diskussioun.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, mee d'lescht Kéier huet den Här Roth hei honnertmol insistéiert, ech hätt net op seng Fro geäntwert. Ech stelle fest: Och Dir hutt net op meng Fro geäntwert.

Meng Fro war ganz prezis déi – an ech schwätzen dann nach méi haart, fir dass jiddweree mech héiert –, wéi eng Positioun Dir op deem Ministerrot ageholl hutt, ob déi Minimalbesteuerung hei erëm soll ofgeschaaft ginn. Net ob Lëtzebuerg, wa se géif ofgeschaaft ginn, dat da géif ëmsetzen oder net – ech mengen, dat ass jo eng aner Fro –, mee wéi eng Positioun Dir op deem Ministerrot ageholl hutt. Dat war meng Fro.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Mee d'Fro – op dem Ministerrot, et war d'Eurogrupp – war net déi, ob d'Minimalsteuer soll ofgeschaaft ginn, well soss misst ... Éischtens ass dat eng europäesch Direktiv, also hu mer eis als Lëtzebuerger grad wéi déi aner dorun ze halen. Et ass awer eng Ouverture gewiescht ...

(*Interruption par Mme Sam Tanson*)

Jo dach! Mee et ass ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift, den Här Roth huet d'Wuert.

(*Interruption par Mme Sam Tanson*)

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech weess, Dir musst Recht kréien. Mee Dir kritt awer hei net Recht.

(*Hilarité générale*)

Et ass esou einfach wéi ... Dat ass esou einfach gesot. Ech soen et dann nach eng Kéier haut et fort, Madamm Tanson, och wann Der mat mer net d'accord sidd: Wa sollt opgrond vun der internationaler Kompetitivitéit an opgrond vun Decisiounen, déi Memberstaaten, déi Member vum der OECD sinn, zu Paräis ..., wann do sollten Adaptatiounen kommen um Niveau vun der Reegel vum „Pilier Deux“, dat heescht, vun der Mindestbesteuerung, an d'Europäesch Unioun seet: „Mir brauchen en termes de compétitivité vum der Europäescher Unioun déi eng oder déi aner Upassung“, da soen ech Iech, dass ech als Lëtzebuerger Finanzminister net dergéint sinn, dass déi sollte virgeholl ginn. Punkt!

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Sou. Domat ass dann dës Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen zum Vott an zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8396. Den Text steet am Document parlementaire 8396⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8396 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 58, Abstention: 2, a keng Stëmm dergéint. Dat heescht, dësen Text ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou decidéiert.

10. 8406 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de :

1^{er} transposer l'article 1^{er} de la directive (UE) 2020/285 du Conseil du 18 février 2020 modifiant la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée en ce qui concerne le régime particulier des petites entreprises et le règlement (UE) n° 904/2010 en ce qui concerne la coopération administrative et l'échange d'informations aux fins du contrôle de l'application correcte du régime particulier des petites entreprises ;

2^e transposer l'article 1^{er}, points 1), 2), 7), 12), 16) et 20) de la directive (UE) 2022/542 du Conseil du 5 avril 2022 modifiant les directives 2006/112/CE et (UE) 2020/285 en ce qui concerne les taux de taxe sur la valeur ajoutée

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 8406, d'Ëmsetze vun zwou europäeschen Direktiven iwwert d'TVA um Ordre du jour. Ech erënneren drun, datt dëst e Riedemodell avec rapport et sans débat ass an deemno folgenddermoossen opgedeelt ass: De Rapport huet 5 Minutten, d'Regierung huet 5 Minutten. Dann ass d'Wuert elo um Rapporteur vum Projet de loi, dem honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng grouss Freed, Iech als Rapporteur haut de Projet de loi 8406 ze presentéieren. Mat dësem Gesetzesprojet, deen de Finanzminister den 1. Juli 2024 an der Chamber deposéiert huet, setze mir zwou Steierdirektiven aus de Joren 2020 an 2022 ëm an änneren domadder eis TVA-Steiergesetzgebung vun 1979.

De 25. Juli goufen d'Amendements gouvernementaux ënnerbreet. D'Chambre des Métiers huet hiren Avis